

# Discovery Zone

*De 5. Mee goung déi éischt Editioun vum neie Lëtzebuerger Filmfestival „Discovery Zone“ op en Enn. Eng gelongen Editioun a virun allem eng entscheedend Verbesserung par Rapport zu sengem Virgänger, dem „DirActor's Cut“-Filmfestival, mengt d'Cléo Thoma an der Kulturchronik.*

De Reservoir vun Acteuren an Actricen, déi och selwer Filmer realiséieren, ass net inepuisabel, sot d'Colette Flesch, Presidentin vun der ASBL, déi den Discovery Zone Filmfestival organiséiert, op der Presentatiounspresso konferenz. A si huet deemoos och ervirgestrach, wat dem DirActors' Cut nach reprochéiert gouf: eng ze vill franco-franséisch a restriktiv Manifestatioun ze sinn, déi de grousse Publikum als elitär, onnëtz deier a vu baussen opgeprafft émfonnt hat. De Blingbling vum DirActors' Cut war eng Impass, sot och de Claude Bertemes vun der Stater Cinémathéik, eng Meenung, déi di sellech Membere vun der Organisations-ASBL wuel gedeelt hunn. Mam neien Ulf sollt duerfir alles anescht a besser ginn.

D'Iwwerleeung dohannert war déi hei: déi meesch Filmer, déi hautdesdaags an d'Kinno kommen, bréngen iwwerhaapt näischt neits méi. Dat wat si weisen huet een alles schonn etlech Kéiere gesinn, dacks besser. Anerersäits, wann tatsächlech mol een de Courage huet an, o Wonner, d'Moyene fénnt fir mol eppes méi Originelles an Interessantes ze realiséieren, huet e Krämpes, fir en Distributeur ze fannen.

Den Discovery Zone Filmfestival hat dowéinst zwee Ziler: engersäits, rar Pärelen dorémmer sichen ze goen an de Publikum hei am Land domatter ze verwinnen, an anerersäits, duerch dës eklektesch, innovativ an originell Programmation d'Kapazitéit vun de Spectateuren a Spectatricen, fir mol rëm méi oppen ze gi fir insolit Projeten, kuerz hire cinephile Virwëtz, wéi de Claude Bertemes et genannt huet, ervirzekédelen. Eng Sensibilitéit, déi duerch dee permanenten a quasi exklusive Matraquage vu rengen Énnerhalungsfilmer bei deene meeschte Leit offenbar zimlech stompegn ginn ass. Sou war den Discovery Zone Film Festival eng Entreprise net ouni Risiko, an déi grouss Fro war: hätten d'Organisateure virsichtshalwer net awer besser gedoen, op all Affiche a Flyer ze schreiwen, P.S.: Fir Ham, Fritten an Zalot ass gesuergt, fir sécher ze goen datt och tatsächlech ee kéim?

Abee, et huet och esou geklappt. Deen een oder anere Sall war während dem Festival bis op déi lescht Plaz besat, a fir vill, wann och net all aner Séance war den Undrang rai-sonnable grouss. Hiren Usproch, eng interessant an originell Programmation ze bidden, hunn d'Organisateure mat grousser Kohärenz émgesat, duerfir eleng, Chapeau. Hir Beméiungen disponibel ze si fir d'Medien, hu mat dozou bäägedroen, de Festival zu engem ganz sympatheschen Evenement ze maachen. Datt se, é.a. mat enger Kuerz-filmsoirée virun allem och däi Lëtzebuerger Filmproduktioun eng Plattform gebueden henn, gëtt hirer Manifestatioun och méi lokal Crédibilitéit. Quitt datt se sech deen Owend bei de Rieden an aneren Animatiounsversich ronderëm, hätte kënnen zréckhalen a bedenken, datt d'Leit komm ware fir Filmer ze kucken. Dat eenzegt wat een doriwwer eraus nach bedauere kann, ass datt se bis op e puer rar Ausname sou zimlech jidder Medium, deen et hei zu Lëtzebuerg gëtt, als Partner haten, bis op déi, déi vum eegenen Usproch a Publikum hir, eigentlech genee op hirer Linn leien, sou wéi de radio 100,7, dee jo schonns zénter Jore mat senger Filmprogrammatioun "Cinédit" an Zesummenarbecht mam Utopia, sech grad fir déi rar Pärelen am Kino staark mécht. D'ASBL, déi den Discovery Zone Filmfestival organiséiert, hat dat offenbar vergiess. ◆



Kulturchronik vum 10.5.2011

**Cléo Thoma**  
Kulturredactrice radio 100,7

# forum

Für Politik, Gesellschaft und Kultur

Gegründet: 1976

Herausgeber: forum ASBL

Durchschnittliche Auflage: 1 900 Exemplare

11 Ausgaben im Jahr

ISSN 1680-2322

## Ständige Mitarbeiter

Jean-Paul Barthel, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Christina Schürr, Jürgen Stoldt, Viviane Thill, Jean-Marie Wagner

## Koordination

Lynn Herr, Bernard Thomas

## Autoren dieser Ausgabe

Karine Bouton, Fränz Conrad, Kyra Fischbach, Paul Galles, Richard Graf, Ines Kurschat, Michel Legrand, Luc Marteling, Ludovic Meyer, Nathalie Oberweis, Michel Pauly, Markus Stölb, Robert Theis, Viviane Thill, Cléo Thoma, David Wagner, Serge Wilmes

## Interviewpartner dieser Ausgabe

Wolfgang Benz, Romain Hilgert

## Originalillustrationen

Olivier John, Carlo Schmitz

## Foto Cover

© Archiv Luxemburger Wort, Fotograf: Marc Wilwert

## Druck

c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder.

Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.

© 2011 by forum ASBL

## Bezugspreise

Einzelheft .....	6 Euro
Jahresabonnement .....	50 Euro
Jahresabonnement im Umschlag .....	62 Euro
Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements .....	38 Euro
Jahresabonnement im Ausland .....	62 Euro

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto

IBAN LU83 1111 0611 5444 0000

mit dem Vermerk „Neuabo ab (Monat)“

und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Kulturministerium für die finanzielle Unterstützung.

1, rue Mohrfels

L-2158 Luxembourg

Tel.: 42 44 88

E-Mail: [forum@pt.lu](mailto:forum@pt.lu)

Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr

[www.forum.lu](http://www.forum.lu)